



Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

13. 7527 - Projet de loi portant modification de

1^o la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la Norme commune de déclaration (NCD) ;

2^o la loi modifiée du 24 juillet 2015 relative à FATCA

Deen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7527 iwwer een automateschen Informationsaustausch am Beräich vun der Besteuerung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, beim Gesetzesprojekt 7527 geet et drëms, fir d'Obligatioun vum de Finanzinstituter am Beräich vun automateschen Informationsaustausch bei Steieren a méi genee bei de sougenannte „Registres des actions engagées et éléments probants“ gesetzlech explizitt ze verankeren. Dofir ginn zwee Gesetzer ëmgeännert: Engersäits dat ofgeännert Gesetz vum 18. Dezember 2015 iwwert d'Norme commune de déclaration, an anerersäits dat ofgeännert Gesetz vum 24. Juli 2015 iwwert de FATCA, dat den Échange automatique d'informations mat de Vereenegte Staate reegelt.

Éier ech bei de Fong vum Gesetzesprojekt selwer kommen, erlaabt mir, Här President, fir kuerz op de Kader anzegoen, an deem mir eis hei beweegen! D'Norme commune de déclaration, déi sougenannten NCD, ass 2014 um Niveau vun der OCDE an d'Plaz gesat ginn an huet duerch d'Direktiv 2014/107 eng legal Basis op europäeschem Niveau kritt. Déi Norm reegelt den automateschen Informationsaustausch vu Comptes financiers am Kontext vun de Steieren am europäesche Raum an doriwwer eraus.

De Forum mondial, eng Ënnerorganisatioun vun der OCDE, war beoptraagt ginn, fir d'Emsetze vun der NCD ze monitoren. An hei ass ënner anerem eise legislative Kader ënnert d'Lupp geholl ginn. D'Konklusioun vun dësem Monitoring ass, dass mir eigentlech ganz gutt dostinn, an dass mir als „early adopter“ figuréieren, also als Land, dat ganz schnell d'NCD applizéiert huet, an dat ee Joer virun deene meeschten anere Länner.

De Forum mondial huet just op engem klengen Punkt misse feststellen, dass mir nobessere kéinten. An zwar: Eis Finanzinstituter zu Lëtzebuerg sinn de Moment net ausdrécklech verpflichtet, fir dee genannte Regëster ze féieren.

Dëse Regëster lëschd déi follgend Aktiounen op. Dat sinn: D'Prozeduren, d'Kontrollen oder déi informatesch Prozesser, déi vun de Finanzinstituter en place gesat gi sinn, fir hiren Deklaratiounsfluchten nozekommen an hir sougenannten Diligence raisonnée ze maachen. Dorënner versteet een zum Beispill de sougenannte „KYC“, dat heescht, den „Know-your-customer“, also d'Informatiounen iwwert d'Identitéit vum Client.

D'Haaptzil vum Projet de loi ass also, fir dëse Regëster explizitt am Gesetz virzegesinn. Et gëtt awer och dovunner profitéiert, fir d'Obligatiounen, d'Verpflichtunge vun de Finanzinstituter méi kloerzemaachen. An am Sënn vun enger méi grousser Rechtssécherheet sollen och d'Investigationspouvoire vun de Verwaltung méi kloer formuléiert ginn. Schliisslech ginn d'Amenden nobessert an der Realitéit um Terrain ugepasst. Dëst zum Volet vun der NCD.

All déi Ännerunge gi parallel zum Gesetz iwwert den automateschen Informationsaustausch bei Steiere mat de Vereenegte Staaten, dem sougenannte FATCA-Gesetz, applizéiert.

tausch bei Steiere mat de Vereenegte Staaten, dem sougenannte FATCA-Gesetz, applizéiert. D'NCD an d'FATCA hunn dat selwecht Zil an ënnerleien deem selwechte Mechanismus an der Verwaltung. An et ass deemno opportun, fir e Parallelismus tëschent deenen zwee Gesetzer bäizebehalen.

Wat de Fong betrëfft, änneren d'Artikelen 1 bis 4 d'Gesetz iwwert d'NCD of. Den Artikel 1 gesäit Follgendes vir: Éischtens, dass déi viséiert Finanzinstituter keng Praktiken uwenden dierfen, fir den Échange automatique d'informations ze ëmgoen. Zweetens, dass se e Regëster vun hiren Aktiounen an Éléments probants mussen aféieren, déi hinnen erlaben, fir hiren Obligatiounen ënnert der NCD nozekommen. Et gëtt och virgesinn, dass déi Finanzinstituter e Message, e sougenannte Message à valeur zéro, kommunizéieren mussen, falls se kee Compte déclarable hunn.

Weider ginn d'Amendementen (veuillez lire: d'Amenden) un d'Realitéte vum Terrain ugepasst. Ënner anerem wäert d'Steierverwaltung keng onpraktikabel Kontrolle méi duerchféieren, fir de Montant vun de Strofen ze evaluéieren. D'Verwaltung wäert an Zukunft kënne mat forfaitairen Amendé reagéieren.

Deen éischte Punkt vum Artikel 4 definéiert d'Pouvoir vun der Steierverwaltung, fir d'Kontrolle bei den Acteuren duerchzeféieren. Deen zweete Punkt gëtt der Steierverwaltung Zougank op de Regëster mat den Aktiounen an den Éléments probants. An den drëtten Punkt vum Artikel 4 reegelt d'Verjärungsfrist vum Pouvoir d'investigation, deen op zéng Joer festgesat ass. D'Artikelen 5 a 6 applizéieren d'Dispositiounen vun den Artikelen 1 a 4 vum Gesetzesprojekt, mutatis mutandis, am FATCA-Gesetz.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng Opposition formelle formuléiert. Eng vun den Observatiounen vun der héijer Kierperschaft betrëfft d'Extensioun vum Uwendungsberäich. De Staatsrot ass nämlech der Meenung, dass d'Direktiv net nëmme d'Institutions financières déclarantes géif viséieren, mee och d'Personnes physiques an d'Intermédiairen.

An der Cofibu hu mer awer decidéiert, fir beim initialen Text ze bleiwen, well deen net nëmme déi 150 Banken op der Plaz betrëfft, mee zum Beispill och Investmentfongen a Venture-capital-Enterprisen. De Gesetzesprojekt viséiert ronn 6.000 Entitéiten.

Anerersäits proposéiert de Staatsrot, dass de Regëster net nëmme d'Comptes déclarables ëmfaasst, mee dass all Comptes financiers sollen heirënnerfalen. Do huet d'Cofibu (ndlr: d'Commission des Finances et du Budget) och decidéiert, beim originalen Text ze bleiwen.

De Staatsrot huet och e puer Remarken um legalen Niveau gemaach, notament iwwert den Titel vum Projet de loi. Déi proposéiert Formulatioun gouf zrëckbehalen, fir e méi expliziten Intitulé ze hunn.

D'Handelskummer huet hirsäits an hirem Avis vum 14. Abrëll geschriwwen, dass si net wëisst, ob d'Dispositiounen vum Gesetzesprojekt den Observatiounen vum Forum mondial Rechnung géif droen, vu dass de Rapport net ëffentlech ass.

D'Chambre de Commerce hätt sech bei der Kommunikatioun vun engem Message zéro, also wann et näischt ze deklaréieren gëtt, eng aner Approche gewënscht, déi iwwer eng Aschreiwung bei der Steierverwaltung gaange wier.

D'Staatsbeamtekummer hirsäits approuvéiert de Projet de loi an hirem Avis vum 7. Mee vun dësem Joer.

Här President, dat gesot, soen ech all de Mataarbechter Merci, och de Kollegeinnen a Kollegen an der Cofibu fir hir gutt Zesummenarbecht. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn natierlech am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojekt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Och e grousser Merci un de Rapporteur, dee souwuel säi schrëftleche wéi mëndleche Rapport mat ganz vill Kompetenz a Wëssen hei duergeluecht huet. En huet notament op d'Wichtigkeet vun deem Gesetz higewisen, och nach eng Käier op déi Bestëmmungen, déi u sech aus der OECD kommen. En huet awer och nach eng Käier drop higewisen, dass et u sech hei och ëm eng Emännerung vum FATCA-Gesetz geet.

Ech wollt vläicht just nach eng Käier drun erënnere fir déi Kollegeinnen a Kollegen, déi nach net sou laang derbäi sinn: U sech ass de FATCA-

Agreement eigentlech dee gewiescht, deen eigentlech fir d'Ofschafung vum Bankgeheimnis steet. Dat war deemools e laange Kampf, deen ausgefouert ginn ass, bis dann ee Moment d'amerikanesch Administratioun decidéiert huet, iwwer e FATCA-Agreement eigentlech en Abléck an d'Konte vun anere Residenten ze kréien.

Haut schwätzt quasiment kee méi vun deem FATCA-Agreement. Mir änneren deen haut op eenzelne Punkten ëm.

Ech géif op jidde Fall och fir dëse wichtege Projet den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Meng Fraktioun ënnerstëtzt dës Ännerungen, well se an déi richteg Richtung gi fir Lëtzebuerg, a Lëtzebuerg och eng méi transparent a méi eng propper Finanzplaz doduerch kritt. An duerrfir ënnerstëtze mer dat heiten.

Ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel. An ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Och déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt dëse Projet de loi a seet natierlech dem Här Guy Arendt e grousser Merci fir säi gudde Rapport.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, mir wäerten dee Projet de loi och matstëmmen, well e geet an déi richteg Richtung. Kleng Bemollen awer trotzdeem: Et muss ee sech virstellen, wa jiddereen hei eng Bank wier, da wier d'Konfrontatioun mam Gesetz eng ganz aner, well mer jo hei e Gesetz stëmmen, wou mer eis an engems och bewosst sinn a wou mer dat och draschreiven an dat och soen, dass mer net onbedéngt iwwert d'Mëttele verfügen, fir ze kucken, ob déi, déi viséiert sinn, och dat duerchsetzen, wat d'Gesetz seet.

An dofir hu mer dann och eng Amende forfaitaire vun 10.000 Euro agefouert. Ob déi wierklech der Héicht entsprécht, wësse mer net. Mee dat ass jo fir all déi Banken an déi Instituter, déi u sech de Montant net kommunizéieren. Et ass natierlech eng ganz aner Saach, wann eng Enquête approfondie gemaach gëtt, dass se do mat enger anerer Amende konfrontéiert ginn, also vun 250.000 Euro, an déi majoréiert gëtt mat 0,5 % vun deem, wat net kommunizéiert gouf. Dat ass natierlech eng aner Geschicht.

D'Fro bleift awer déi, ob mer déi Mëttele hunn, ob d'ACD (ndlr: Administration des contributions directes) iwwert déi Mëttele verfügt, fir déi 6.000 Instituter, déi de Rapporteur a sengem gudde Rapport opgezielt huet, all kënnen ze kontrolléieren. Et ass natierlech immens vill, mee mir mussen eis awer och weiderhin ustrengen, fir eis déi Mëttele ze ginn, fir déi Kontrollmëttele eeben och kënnen effikass ëmzesetzen.

Ech wëll net soen, dass dat net ugefaangen huet; dat huet ugefaangen. Ech wëll net soen, dass et einfach ass, fir och all déi Leit ze rekrutéieren, mee dat muss ee weider maachen. Dat ass en Effort, deen ee muss maachen, och wann et eppes kascht. An dofir wäerte mer awer trotzdeem deen heite Projet de loi matstëmmen, wuel wëssend dass déi puer Bemollen do bestinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wollt och profitéieren, fir dem Rapporteur, dem Guy Arendt, hei e grousser Merci ze soe fir säin exzellente Rapport, virun allem och well en nach eng Käier op eng Fro zrëckkomm ass, déi ech an der Kommissioun opgeworf hat, wat eeben déi Amende-forfaitaire, iwwert déi mer hei schwätzen, ubelaangt.

Et ass net üblech oder net heefeg, dass mer hei an der Chamber esou eng konsequent Hausse u sech vun enger Amende forfaitaire stëmmen. An ech mengen, dass et dofir och wichteg war, dat an de parlamentareschen Aarbechten ze erwänen. An dofir nach eng Käier e grousser Merci un de Rapporteur, deen dat exzellent opgeschafft huet.

Ech mengen, wat d'Basis vun deem heite Projet ass, souwuel wat d'NCD wéi och de FATCA ubelaangt, gouf scho vill gesot, souwuel vum Rapporteur wéi vun de Kollegen, deen kann ech mech just uschlëssen.

Fir eis Piraten ass et immens wichteg, dass mer heimadder eng weider Bréck am Kader vum Kampf géint Steuerhannerzéiung, Geldwäsch an aner nefast Aktivitéiten op der Bankeplaz u sech kënnen leeën, dass mer domadder sécherstellen, dass mer eeben net op enger groer oder souguer op enger schwaarzer Lëscht landen, dass mer derfir suergen, dass d'Transaktiounen hei op der Plaz propper sinn.

Ech mengen, mir hunn hei d'Chance, fir Virreider ze sinn, fir net als Nachzügler, wéi mer dat an der Vergaangenheet virun e puer Jorzéngten awer gären emol waren, ze sinn, mee dass mer wierklech hei Virreider sinn. Dass mer weisen: Zu Lëtzebuerg akzeptéiere mer eebe kee Schmu. Mir schaffe mat eisen Nopeschlänner zesummen, mir schaffe mat eise Partnerlänner zesummen, an dat, wann et drëm geet, fir d'Kriminalitéit auszerotten.

An ech mengen, dass ass dee wichtege Message, dee mer haut ginn. An dofir wäerte mir dëse Projet och matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. An dat mécht nach eng Käier den Här Mëtzelstandsminister Lex Delles a Vertriebung vum Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, en remplacement de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- ... deen nach ëmmer um ECOFIN ass. Loosst mech, fir unzefänken, dem Rapporteur villmools Merci soe fir dee ganz ausféierleche Rapport!

Transparenz an déi administrativ Kooperatioun an der Fiskalitéit gehéieren zu der konstanter Politik vu Lëtzebuerg. An d'Efforten, déi Lëtzebuerg souwuel am Informationsaustausch op Demande wéi awer och am automateschen Informationsaustausch gemaach huet, si considerabel a weisen eebe grad, dass Lëtzebuerg op engem héije Konformitéitsniveau ass.

Wat den automateschen Informationsaustausch ugeet, wäert de Forum mondial am Laf vun 2020 d'Gesetzer iwwerpräiwen, mat deene seng Memberen d'NCD ëmgesat hunn. Et ass also primordial, sech déi néideg Mëttele ze ginn, eeben och hei konform ze sinn, fir eeben do och ganz virbäi ze sinn. An de Rapporteur huet et scho gesot: Early Adopter ze sinn, ass ganz wichteg; an dësem Fall nach eng Käier ee Joer virun deenen anere Länner, fir eis eeben och grad do ze positionéieren, wou mer sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Delles. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7527 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7527. Den Text steet am Document parlementaire 7527⁴.

Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7527 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;



MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

14. Résolution de M. François Benoy relative à la prise de position dans le cadre de la consultation publique de l'ONDRAF

Da kéime mer als leschte Punkt zur Résolution, déi den Här François Benoy am Ufank vun der Sitzung deponéiert huet am Kader vun der Consultation publique iwwert d'Déchets radioactifs an der Belsch. Här François Benoy, als Auteur vun der Résolution ginn ech lech dann direkt d'Wuert.

Exposé

► **M. François Benoy** (déi gréng), auteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, an der Résolution, déi ech virdrun deposéiert hunn, geet et eeben drëm, dass d'Chamber, wéi mer dat och virun zwou Woche gesot hunn, Positioun hält am Kader vun der öffentlecher Consultation vun der ONDRAF, also dem Organisme national des déchets radioactifs an der Belsch. D'belsch Autoritéite siche jo grad, wéi mer et wëssen, Dechargen, fir hiren héich radioaktiven Atomreck endzelageren. An do sinn och verschidde Sitten no un der lëtzebuerger Grenz, déi a Betruecht gezu ginn.

D'Ëmweltverschmutzung kenne keng Grenzen. Grad och geologesch Schichte kenne keng Grenzen, an nach manner Drénkwaassergebieder. An hei ass jo an enger Zon eebe grad eis gréisst Drénkwaassergebitt concernéiert, nämlech de Stauséi, deem 80 % vun dem Drénkwaasser zu Lëtzebuerg ofdeckt a wouvun och zwee Drëttel am Anzuchsgebit vum der Belsch leien.

Atomenergie, dat wësse mer, ass eng al a geféierlech Technologie. D'Risiko vun engem Accident si mat ganz grouse Suite fir Mënsch an Ëmwelt verbonnen. Radioaktiv Offäll, och déi; Dausende vu Jore brauche se, fir ofzebauen. Mir hu wéineg Erfahrung domat a kennen d'Risiken dovunner net. Also, en Endlager wéi dat heite gëtt et och nach guer net. Dat heescht, mir si wierklech mat groussen Onkloerheeten hei konfrontéiert.

Trotzdem gëtt d'Verbuddelen hei an dem Avant-projet, wéi e virläit, als alternativlos duergestellt. An d'Alternativen zum geologesche Stockage goufen an dem belschen Dossier net am Detail gekuckt.

Aktuell gëtt de Sujet jo an der Ëffentlechkeet vill diskutéiert. An d'Chamber hat, wéi ech virdu gesot hunn, och virun zwou Wochen am Kader vun den Debatte ronderëm d'Atomhaftungsgesetz gesot, dass mer hei sollte Positioun bezieen. Dat hate mer och an enger Résolution festgehalten, déi och mat ganz grousser Majoritéit hei gestëmmt ginn ass.

Den Delai fir déi belsch Consultation leeft des Woch aus, nämlech de Samschdeg. An dofir ass et wichteg, dass mer als Chamber elo hei Positioun huelen; wat mer mat där Résolution maachen, déi ech lech elo hei presentéieren.

D'Regierung mécht dat och. Ganz vill Gemengen uechtert d'Land maachen et. Ech appelléieren, dass der nach méi do wäerten nozéien, wéi och de Lëtzebuerger Aktionscomité géint d'Atomkraaft et gemaach huet, d'Zivilgesellschaft an esou weider. D'Resolution, wéi se hei virläit, ass en ligne mat fréiere Motiounen, mat der Aarbecht vum nationalen Aktionscomité. Si iwwerhëlt och zum Deel Wieder oder Sätz, wéi se an der Motion type gebraucht ginn, déi de Gemenge virläit. Jee, dat Ganz ass wierklech an der Linn vun der Aarbecht, wéi se hei am Land gemaach ginn ass.

D'Resolution, déi hei virläit an d'Chamberspositioun festleet, ass géint de Projet, fir Atomoffäll anzubuddelen, wéi et elo vun de belschen Autoritéite geplangt gëtt, wou d'Ëmweltimpakter, och fir Lëtzebuerg, net uerdentlech gekuckt ginn. An dofir froe mer eeben e Report vun deem Plang, fir datt dat ka komplettéiert ginn an och speziell d'Ëmweltimpakter grenziwwerschreidend hei gekuckt ginn, an uerdentlech an am Detail gekuckt ginn. Dat Ganz soll natierlech och an engem grenziwwerschreiden Dialog ausgeschafft ginn, wéi et eigentlech bei Projete vun där heiter Envergung, déi iwwert d'Grenz ewechginn, och ubruecht ass an an der Reegel och gemaach gëtt.

Mir stinn hei an der Chamber weiderhin a grousser Majoritéit hannert deem nationalen Antiatomkonsens. An, wéi gesot, virun zwou Wochen hu mer hei och eng Motioun, net nëmmen d'Resolution, fir dat heiten ze maachen, mee och eng méi global allgemeng Mo-

tioun gestëmmt. D'Atomhaftungsgesetz hu mer virun zwou Woche gestëmmt, wat e speziellen Haftungsregimm an dëser Fro festleet.

A grad wéi d'Motioun virun zwou Woche setzt déi Résolution haut e staarkt Zeechen als Lëtzebuerg, wat e Land vun Atomgéigner ass, fest. Mir wëlle keng nuklear Offäll a sensibelen Zonen, notament an Drénkwaasserschutzonen op onser Grenz! A mir kënnen och net d'accord si mat dem Prinzip, dass hei net richteg gekuckt gëtt an dass d'Alternative vun allem, wat hei verbuddelt gëtt, net uerdentlech gekuckt ginn an dass de potenziellen Impakt op Land a Leit op onser Säit vun der Grenz net uerdentlech gekuckt gëtt.

Et gesäit och esou aus, wéi wann d'Chamber déi Résolution haut hei unanime unhëlt. Och sechs Parteien hunn d'Resolution ënnerschriwwen. An deem Sënn soen ech jiddwerengem villmools Merci fir déi breet Ënnerstëtzung. Ech mengen, et ass wierklech e wichtige Moment haut och, wou mer déi Positioun hei festleeën am Sënn an an der Linn vun dem nationalen Antiatomkonsens, dee mer hei am Land hunn.

An deem Sënn soen ech lech villmools Merci fir d'Nolauschteren a fir Är Ënnerstëtzung.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Benoy. Den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ganz kuerz: D'CSV huet viru 14 Deeg gesot, dass se zu engem Konsens op nationalem Plang steet a Saachen Atompolitik. Dat hu mer och verdäitlecht, andeem mer d'Atomhaftungsgesetz matgestëmmt hunn, och déi Motioun, op déi den Här Benoy verwisen huet. A mir stëmmen haut selbstverständlech och des Résolution mat.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth. Den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools merci an och e Merci un den Här Benoy fir déi Résolution, déi en eis haut hei presentéiert huet. Ech wëllt vläicht e puer Kommentarer maachen, souwuel wat de Fong ugeet, wéi och wat d'Form ugeet. D'Form ass vläicht hei elo nach dee méi wichtige Kommentar.

Mir hunn dësen Text net matënnerschriwwen. Mir sinn awer d'accord mat der Portée vum Text a mir stëmmen en dofir och mat.

Mee firwat hu mer net matënnerschriwwen? Well an eiser Analys hei erëm eng Kéier esou gemaach gëtt, als wäre mer absolutt kohärent an eiser Atompolitik. Dat si mer net!

Hei gëtt zum Beispill an dëser Résolution gesot, d'Atomenergie wär einfach global eng al Energie. Jo, dat kann een esou gesinn, wat d'Fissiou ugeet, mee gläichzäitig ënnerstëtzt des Regierung d'Recherche an der nuklearen Fusioun am ITER. Dat muss ee soen, dat ass einfach eng Tatsaach. Soudatt een dat vläicht net global sollt kucken, mee awer méi differenzéiert, well och d'Politik vun der Regierung ass am atomare Beräich méi differenzéiert, wéi se hei presentéiert gëtt.

Et ass och esou: Hei gëtt einfach pauschal gesot: „Mir müssen d'Atomreakteren ausmaachen.“ Jo, mee mir consomméiere méi wéi 10 % Nuklearenergie. Mir brauchen d'nuklear an d'fossil als Backup fir alternativ Energien, a warscheinlech op ganz laang Zäit. A virun allem si mir eis als Lëtzebuerg, an och des Regierung huet dat bis elo net a Fro gestallt an hirer praktescher Aarbecht, Member vun der AIEA a vun Euroatom. An déi zwou Organisatiounen hunn och nach als Haaptobjet vun hirer Aktivitéit d'Promotioun vun der friddlecher Nutzung vun der ziviller Atomtechnologie. Och dat muss ee soen!

A bei den Objectifs de développement vun der UNO, do ass och een derbäi: den Accès un d'Energien. Do ass am Kader vun der AIEA 2015 e Programm ugeholl ginn iwwert den Développement vun der Nuklearenergie mat dem Accord vu Lëtzebuerg zu engem Abléck, wou dräi gréng Regierungsmemberen an eiser Regierung souzen!

Och dat ass einfach en Deel vun der Realitéit! A mir wieren eis einfach dergéint, datt eppes hei behaupt gëtt, wat awer an der Wirklechkeet vill méi komplex a vill méi differenzéiert ass.

Wat awer elo de Fong ugeet ... vum Fong, pardon, hunn ech geschwat ... mee d'Form ugeet, an, ech mengen, dat ass hei elo dee wichtigen Aspekt, hu mer awer Bedenken. Mir adresséieren eis als Lëtzebuerger Parlament hei un eng belsch Administratioun. Dat ass net de Wee, wéi et soll sinn!

Wa mir als en nationaalt Parlament eng Résolution huelen a mir wëllen, datt dat an der Belsch en Effet huet, da solle mir dat dem bel-

sche Parlament matdeelen oder mir sollen et un de Lëtzebuerger zoustännege Bauseministère ginn an den Här Asselborn deem Abléck froen, fir dat un déi belsch Regierung virunzeginn, well déi ONDRAF, dat ass dach nëmmen eng Administratioun ënnert der Autoritéit vun der belscher Regierung. Do ass einfach en Ongläichgewicht!

A mir fannen als ADR, datt mir eis als Parlament devaloriséieren! Wa mir ufänken, Résolutionen hei ze huelen als en nationaalt Parlament an da froe mer eise Generalsekretär oder sou, fir déi un eng belsch Administratioun virunzeginn, déi ënnert der Autoritéit selbstverständlech vun der Belscher Regierung funktionéiert, do ass einfach dann d'Form falsch!

Dofir géife mir froen, mir hunn näischt dergéint ... Wéi gesot, mir stëmmen dat hei mat, well mer mat lech d'accord sinn, datt net iergendwou do nukleare Decheten endgelagert ginn, datt do mussen all d'Garantie bestoen, datt et net kann zu engem Schued kommen, inklusiv vum Grondwaasser an esou weider. Kee Problem! Dat stëmme mer mat. Mir sinn och der Meenung, datt dat muss iwwert d'Grenzen eraus tëschent de Regierungen diskutéiert ginn. Och dat ass richteg!

Mee ech mengen, datt mer eis net als Parlament hei sollen devaloriséieren. A mir sollten higoen a vläicht dee leschte Paragraf nach eng Kéier nei redigéieren an et den Donneschdeg stëmmen, datt mir soen: „Mir sollen et dem belschen nationale Parlament iwwermëttelen. A mir sollen et der belscher nationaler Regierung ginn, fir datt déi belsch national Regierung et un hir Verwaltung virugëtt.“

Awer ech gesinn net eng Lëtzebuerger Chamber mat enger belscher Verwaltung verhandelen!

Dat gesot, wéi gesot, mir kënnen et matstëmmen. Mir hätten eis awer gär gewënscht, an ech hoffen och, op Versteesdemech do bei der Regierungskoalition ze stoussen, datt mer awer eis selwer als Parlament méi respektéiere wéi dat doten an dee richteg Wee anhalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Bon, ech géif vläicht ufänken, andeems ech dem François Benoy Merci soen, deem e bësse probéiert huet mat de Fraktiounen zesummen, hei eng flott Résolution op d'Been ze stellen. An och dem Syvicol vläicht op dëser Plaz awer och e Merci, deem och de Gemengen hei tatkräfteg matgeholf huet.

Wat an dëser Résolution gefuerdert gëtt, ass eigentlech näischt Extraes. Ech géif soen, et ass jo bal eng Selbstverständlechkeet, dass mir als Lëtzebuerg wëlle matschwätzen, wann et ëm eis Sécherheet hei op eise Territoire geet, sief et eis Waasserversuergung, sief et och alles, wat mat eiser Ëmwelt- a Gesondheetsaspekter ze dinn huet.

Dëst gesot: Mir wäerten als Demokratesch Partei natierlech dëser Résolution och zoustëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. An da wär et um honorabelen Här David Wagner.

(Interruption par M. Georges Engel)

O, pardon!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Ech sinn och en Engel, heiansdo.

(Hilarité)

Merci, Här President. Jo, mir wäerten déi Résolution natierlech matstëmmen. D'Remark vum Här Kartheiser ass net dénué de bon sens op eng gewëssen Aart a Weis. Si ass vläicht, an eisen Aen, net onbedéngt zentral, mee et kéint scho Sënn maachen, wann een d'homologue à homologue funktionéiert an déi heite Résolution dem Federalparlament zu Bréissel géif schécke respektiv och vläicht eis Regierung domadder géif beoptragen, dat dem Ministère du tutelle vum ONDRAF an der Belsch och matzedelen. Bon. Mee ech mengen, op jiddwer Fall et ass wichteg, datt den ONDRAF et matkritt, egal wéi mer do virginn!

Mir wäerten déi Résolution matdroen. Eis gefällt awer trotzdem - ech kommen net derlaanscht, dat ze soen -, datt ee Considerant relativ interessant ass. Dat ass deem, dee seet, datt d'Atomenergie - d'ailleurs, d'Atomenergie; et geet ëm d'Atomenergie an net onbedéngt Recherche an der Fissiou an esou weider; dat ass eng aner Saach, mee egal - eng al Technologie ass, eng knaschteg Technologie ass, eng net renouvelabel Technologie ass, eng deier Technologie ass an eng ganz geféierlech Technologie ass.

Dat musst Der awer och dem Fonds de compensation matdeelen!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Well dee jo weiderhi wäert an déi al knaschteg, deier, net renouvelabel a geféierlech Energie investéieren. A mir hu jo d'leschte Kéier decidéiert an der Chamber, datt dat sou soll weidergoen. Quitte datt mer vläicht an enger nächster Interpellatioun, déi mer gefrot hunn, wäerten nach do robber zrëckkommen.

Et wier awer och interessant, a vläicht kann ee schonn an zwee Deeg e bësse doriwwer diskutéieren ... Et wier gutt, der Kohärenz zuliebe, datt déi heite Regierung endlech emol en Ausstigsplang, eng Ausstigsstrategie aus dem Atomkonsum géif virleeën. Well mir si weiderhin Atomkonsumenten! A mir sinn net ganz kohärent, wa mer mat sou Saache kommen, trotzdem.

Et ass net einfach, mee et muss een eng Strategie hunn, déi seet op 5, 10, 20 Joer, wat och ëmmer, datt een - vläicht net grad 20 Joer -, mee datt een awer relativ schnell aus dem Atomkonsum erauskënn. Et gëtt Länner an der EU, déi hunn 0 % Atomenergie als Konsum. Firwat kéinte mir dat net maachen? Voilà! Dat ass eng Iwwerleeung an et ass eng Diskussioun, déi mer deemnächst nach wäerte weiderféieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Här President. D'Atomenergie ass geféierlech. D'Atomenergie ass net bëlleg, och wann et kuerzfristeg esou ausgesäit, mee op laang Siicht sécherlech net. A si ass geféierlech hei eventuell fir eppes, wat fir eis Mënschen alleguerte liewenswichtig ass: Dat ass eist Waasser. A souwuel de Stau, mee och d'ganz Anzugsgebit vum der SES, vun dem Syndicat des Eaux du Sud, ass heivunner eventuell beträff.

An et gëtt ganz vill Onkloerheeten. An deem Dossier hei si ganz vill Saachen, déi net uerdentlech gekuckt ginn. An dat huet hei och iwwerhaupt näischt, wat een eventuell kéint virgeworf kréien, mat engem NIMBY-Effekt ze dinn. Dat huet einfach mat enger Ofsecherung vu liewensnoutwendege Ressourcen ze dinn. An dofir fanne mir déi Résolution hei exzellent.

Och wann een eventuell kéint iwwert d'Fro vum Här Kartheiser nodenken, mengen ech, dass et gutt ass, dass mer dat heite maachen. Ech wëllt dem Här Benoy Merci soe fir déi Initiativ. A mir stëmmen déi heite Résolution och mat.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. An da kritt den honorabelen Här Marc Goergen d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci, Här President. Et steet guer net a Fro: Och mir Piraten wäerten dat als Atomgéigner matstëmmen.

Ech wëll awer ausdrécklech nach eng Kéier de François Benoy luewen, dass en all de Parteien ugebueden huet, d'Resolution matzedoen. Well nëmmen zesumme si mer staark. Leider ass dat net an all Gemengerot vun der grénger Partei esou gewiescht. Do sinn et éischter Alleingäng heiansdo.

A wat mech och e bësse gestéiert huet, dat ass, dass déi gréng Partei elo op eemol an de Gemenge Flyer ausdeelt, wou d'Leit sech kënne beschwéieren, anstatt dass ech mer dat éischter zesumme vun der ganzer Regierung erwaart hätt, wéi d'Leit sech kéinten opstelle géint den Atom.

Well virun allem, wann ee kuckt, de Vott d'leschte Kéier vun der Motioun vun déi Lénk, fir net méi an Atom ze investéieren, an dass Lëtzebuerg nach ëmmer 10 % Atom konsumméiert: Do kann ee scho vun Etiketteschwindel schwätzen, wat déi gréng heiansdo u Flyer erausginn.

Mee trotzdem wäerte mir déi Résolution hei matstëmmen. A mir hoffen, dass d'Regierung op e gemeinsame Wee mat all de Parteie wäert goen an net op eenzel kleng Flyer a Showen.

Merci.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. An dann hat den honorabelen Här François Benoy nach eng Kéier d'Wuert gefrot.



► **M. François Benoy** (*déi gréng*), *auteur*.- Villmools merci, Här President. Merci och alle guerten de Riedner fir d'Ennerstëtzung.

Ech mengen, dass hei eng Consultatioun leeft. Et ass eng Consultatioun, déi fir jiddwereen op ass, fir alleguerten d'Institutionen, och grenz-iwwerschreidend. Dofir gesinn ech net ... Et ass wierklech guer kee Problem, dass mir als Chamber ons Positioun hei dem ONDRAF matdeelen.

Ech mengen awer, wat vläicht interessant kéint sinn oder wat een och sollt maachen, ass, dass een eng Kopie heivun un d'belsch federal Parlamenter wéi och un d'belsch Regierunge ka schécken, dass se och Bescheed wëssen iwwer ons Positioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Benoy. Ech mengen, da kéinte mer zum Vott kommen iwwer dës Resolutioun.

Vote sur la résolution

Kënne mer à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wie mat der Resolutioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?


Wien enthält sech?

Domat ass dës Resolutioun eestëmmeg ugeholl.

Domat si mer och um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt den nächsten Donneschdeg um zwou Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.58 heures.)



SÉANCE 41

JEUDI
11 JUIN 2020

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Résolution de M. Yves Cruchten relative au transfert des activités de la CHAFAA à Bruxelles

- M. Yves Cruchten - M. André Bauler - M. Max Hahn - M. Claude Lamberty

- Discussion générale : M. Laurent Mosar - M. Gusty Graas (intervention de Mme Lydie Polfer) - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement - M. Mars Di Bartolomeo

- Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur la résolution (adoptée)

3. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du plan de relance et de sa dimension écologique et environnementale

- Exposé : M. Claude Wiseler

- Débat : M. Max Hahn - M. Georges Engel - M. François Benoy - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Marc Goergen

- Prises de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable - M. André Bauler (parole après ministre) - Mme la Ministre Carole Dieschbourg (intervention de M. André Bauler)

4. 7590 - Projet de loi portant dérogation :

1° à l'article 26, paragraphe 2, point 3, de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ;

2° à l'article 6, alinéa 4, de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

- Discussion générale : Mme Martine Hansen (dépôt de la motion 1) - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : M. Gilles Baum (intervention de M. Georges Engel) - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Georges Engel) - M. David Wagner

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

5. 7591 - Projet de loi portant dérogation aux articles 38, 39 et 68 de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

- Discussion générale : M. Georges Mischo - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 7592 - Projet de loi portant dérogation à l'article 33 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

- Discussion générale : Mme Martine Hansen - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - Mme Martine Hansen (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Meisch

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7593 - Projet de loi relative aux mesures temporaires dans le domaine de la formation professionnelle et portant dérogation à l'article L. 111-3, paragraphe 4, du Code du travail

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

- Discussion générale : Mme Martine Hansen - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Jean Asselborn, M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg et M. Claude Turmes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maa-chen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Une voix**.- Nee, Här President.

2. Résolution de M. Yves Cruchten relative au transfert des activités de la CHAFAA à Bruxelles

(Résolution déposée en séance publique n° 40 du 9 juin 2020 - à consulter en page 619 de ce compte rendu)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Mir fänken d'Sëtzung vun haut de Mëtteg u mat enger Resolutioun vum Här Yves Cruchten iwwer d'Verlagerung vun der Agence exécutive pour les consommateurs, la santé, l'agriculture et l'alimentation op Bréissel. Ech géif dann direkt

d'Wuert ginn un den Auteur vun der Resolutioun, den Här Cruchten.

(Interruption)

Wie fänkt un?

(Interruption)

► **M. Yves Cruchten** (*LSAP*), *auteur*.- Den Här Di Bartolomeo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Di Bartolomeo. Da musse mer waarden, bis den Här Di Bartolomeo do ass.

(Brouhaha)

► **Une voix**.- Hien huet Santéskommissioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Santéskommissioun, mengen ech, ass awer an der Tëschenzäit eriwuer.

► **M. André Bauler** (*DP*).- Ass d'Sëtzung elo ënnerbrach?

(Brouhaha et concertation interne)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Auteur muss jo ufänke mat der Resolutioun.

► **M. Yves Cruchten** (*LSAP*), *auteur*.- Här President, ech hat se jo den Dënschdeg deposéiert an do hat ech jo eigentlech virgestallt, em wat et gaangen ass. Et wär elo un de Fraktioun fir ze schwätzen. Ech huelen un, dass den Här Di Bartolomeo no der Kommissiouns-sëtzung aus der Santé all Ablack wäert hei

antreffen. Mee Dir kënnt vläicht ee vun den anere Kolleegeen an där Zäit schonn zu Wuert komme loossen. Ech huelen un, dass den Här Di Bartolomeo gläich do ass.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Jo, merci villmools, Här Cruchten. Ech mengen, da fänke mer u mat den ageschriwwene Riedner. Eischen ageschriwwene Riedner ass dann den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

Iwwert d'Resolutioun!

► **M. André Bauler** (*DP*).- Nee, de Gusty Graas schwätzt driwwer.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Pardon!

► **M. André Bauler** (*DP*).- Den Här Hahn ass fir aner Domäner zoustänneg.

► **M. Max Hahn** (*DP*).- Ech si fir deen nächste Punkt de Spriecher vun der DP.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wie freet d'Wuert zu der Resolutioun, déi den Här Cruchten deposéiert huet? Den Här Gusty Graas dann.

► **M. Max Hahn** (*DP*).- Esou ass et richtig.

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Mosar. Da fänkt den Här Mosar un.

(Interruptions et brouhaha)

► **M. Claude Lamberty** (*DP*).- Dat do ass awer net den Här Hahn!

(Hilarité)

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Här President, et ass e bësse schwierig de Mëtteg. Ech géif da wëllen ufänken, andeem ech dem Initiator an dem Haaptsignataire, dem Yves Cruchten, nach eng Kéier Merci soe fir déi Initiativ, déi e geholl huet, och fir datt mir als Parlament e festen Engagement huelen, fir alles ze ënnerhuelen, fir déi Agence CHAFAA, iwwert déi schonn e puermol hei rieds gaangen ass, och onbedéngt am Kader vun der Politik vum Siège hei am Land ze behalen.

Ech mengen, en huet, wéi en dës Resolutioun hei presentéiert huet, jo och daitlech ënnerstrach, wat d'Wichtigkeet dovunner ass, soudatt ech net méi onbedéngt dorobber wëll agoen.

Et ass natierlech kloer, datt mir och als CSV-Fraktioun déi doten Intentiounen an déi Politik ënnerstëtzen.

Erlaabt mir awer vläicht, Här President, e puer méi allgemeng Wieder zu der Politik vum Siège hei ze soen, och e bësselchen à l'adresse vum Ausseminister, deen, ech weess, sech awer ganz vill fir d'Interessie vu Lëtzebuerg, och am Kader vum Siège, engagéiert!